# Second-Hand huet 53 500 Euro erabruecht

Aktiv Frae Miersch hun 10 Schecken iwwerreecht



**Miersch.** Eng Rekordzomm vun 53 500 Euro, déi den Erléis vum Second-Hand-Maart am Mäerz dëst Joer, organiséiert vun den Aktiv Frae Miersch, an der Hal Irbicht zu Biereng duerstellt, konnt viru Kuerzem a Form vun zéng Schecken u verschidde benevole Hëllefsorganisatioune verdeelt ginn.

Agangs huet d'Presidentin Sylvie Hames-Nosbusch jidderengem Merci gesot, deen derzou bäigedroen huet, datt dëst Event zu engem groussen Erfolleg gefouert huet. Ganz speziell gouf dem Virstand mat dem Organisatiounscomité mat alle benevole Dammen an Hären, der Gemengeverwaltung mam Technesche Service, der Vereenegung „Eng Nei Schaff", der Jugend vun der Spillerequipe 5x Biereng, souwéi alle Leit déi gutt Kleeder, Spillsaachen, Kutschen a Villes méi gratis zur Verfügung gestallt hunn, ganz häerzlech Merci gesot.

D'Aktiv Frae Miersch sinn ganz houfreg, fir déi absolut Rekordzomm vun 53 500 Euro kënnen ze verdeelen. Jee ee Scheck vu 6 500 Euro sinn u follgend Vereenegunge verdeelt ginn: Pour une Parenthèse asbl (Muller Noémie), Hof Peters (Peters Sylvia a Genten Freddy), Médecins du monde (Hanck Andrée a Ralph), Trauerwee (Thill Simone a Liette Hilgert), Fondation EME (Schmit Myriam), Chrëschte mam Sahel (Fischbach Marc, Mme Ourth-Schaffner an Ernst Tom). 5 000 Euro ware fir d'Häerzkrank Kanner (Lentz Dany). 3 500 Euro hunn AMVA – Association pour Malvoyants et Aveugles (Link Pascale a Krings Claudine) iwwerreecht kritt an 1 500 Euro ware fir d'Oeuvres paroissiales Miersch (Schroeder Camille). D'Jugend vun der Spillerequipe 5x Biereng (Nelson Costa) hunn sech iwwert 500 Euro gefreet. Follgend Organisatiounen hunn och en Don iwwerwise kritt, an zwar Télévie (3 000 Euro), Nei Schaff (500 Euro) an Een Häerz fir Streuner (500 Euro).

Nodeems dat di verschidden Organisatiounen hiert jeeweilegt Aufgabegebitt nach kuerz virgestallt hunn, a fir déi generéis Spende villmools Merci gesot hunn, huet de Buergermeeschter Michel Malherbe d'Aktivitéite vun de Aktiv Frae Miersch besonnesch ervirgehuewen. Dës Scheckiwwerreechung huet bei flottem Zesummesi säi würdegen Ofschloss fonnt. Den nächste Second-Hand an der Hall Irbicht zu Biereng ass vum 8. bis zum 11. Oktober elo scho fest am Kalenner ageplangt.

*Charles Reiser*
*via mywort*